N°6071
Reçue le 30.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Här Kommunikatiouns- a Medieminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°6071 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet « Canaux de communication utilisés par les communes »**

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Kommunikatioune vun de Gemengen, besonnesch am Hibléck op d'Gemengen- an d'Chamberwalen am Joer 2023.

**Fro 1**

D'Regierung féiert keng Statistiken iwwert d'Kommunikatioune vun de Gemengen.

Déi verschidden Tëleesprogrammer, déi vun de Gemenge bedriwwe ginn, sinn um Site vun der ALIA opgelëscht.

**Fro 2**

Den Artikel 82 vum Gemengegesetz gesäit vir, dass d'Reglementer an engem Bulletin kënne publizéiert ginn, dee periodesch erausbruecht an un d'Ménagë verdeelt gëtt. Et gëtt keng weider spezifesch Reglementatioun fir Gemengepublikatiounen.

**Fro 3**

Publikatiounen am Numm vun der Gemeng, also vun enger ëffentlech-rechtlecher Autoritéit, mussen Neutralitéit garantéieren. Et ass un den Organer vun der Gemeng selwer, fir ze garantéieren, dass se de Missioune vun der Gemeng als solch gerecht ginn. D'ofgeännert Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwert d'*Liberté d'expression dans les médias*, mat ënner anerem den Dispositioune betreffend *d'Protection de la réputation et de l'honneur* an den *Devoir d'exactitude et de véracité*, applizéiert sech op de Gemengebuet wéi och op all aner Publikatioun.

D'Konzessioun, déi en Tëleesprogramm laut dem ofgeännerte Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'*Médias électroniques* brauch, obligéiert iwwerdeems zu Onparteilechkeet an Objektivitéit an der Presentatioun vun der Informatioun. D'Iwwerwaachung vum Tëleesprogramm ënnerläit der ALIA.

**Fro 4**

D'Gemenge kënne Medie just am Intérêt communal asetzen. Déi legal Basis dofir ass den Artikel 28 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988[1].

**Fro 5**

De Gemengerot muss déi néideg Kreditter fir d'Kommunikatiounen am Gemengebudget virgesinn.

---

[1] **Art. 28.** « Le conseil communal règle tout ce qui est d'intérêt communal; (…) »

**Froe 6 a 7**

D'Kommunikatioune sinn am Prinzip neutral, wéi an der Äntwert op d'Fro 3 scho preziséiert ginn ass. Et ginn awer Kanäl, wou dee Prinzip net strikt agehale ka ginn, wéi zum Beispill bei der Diffusioun oder der Rediffusioun vu Gemengerotssëtzungen oder der Publikatioun vu Compte-rendue vun de Gemengerotssëtzungen, wou de Contenu forcément lokalpolitescher Natur ass. Während an dësem Kontext keng spezifesch Legislatioun applikabel ass, ass de Gemengerot fräi, dës Matière via Règlement d'ordre intérieur méi präzis ze regelen.

**Froen 8 bis 10**

Et gëtt keng onofhängeg Kontrollinstanz fir d'Publikatiounen an d'Kommunikatioune vun de Gemengen, déi als ëffentlech Autoritéite selwer Garant musse si vun der Neutralitéit vun hire Publikatiounen.

D'ALIA ass awer zoustänneg fir d'Iwwerwaache vun den Tëleesprogrammer, déi sech un dat ofgeännert Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'*Médias électroniques* an un hir Konzessioune mussen halen.

Mir verweisen och nach op d'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°905 an n°1969, déi un dës Äntwert annexéiert sinn.

Lëtzebuerg, de 30/05/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding